

Ex-Prisonéier: "D'Stëmmung ass ganz schlecht"

Vum Jeannot Ries (Télé)|Update: 26.03.2020 19:58

Schraasseg: Ex-Prisonéier: Stëmmung ass ganz schlecht

Sou beschreift e fréiere Prisonéier a Member vun der Associatioun "eran, eraus ... an elo?" déi aktuell Situatioun am Prisong zu Schraasseg.

Sou beschreift e fréiere Prisonéier a Member vun der Associatioun "eran, eraus ... an elo?" déi aktuell Situatioun am Prisong zu Schraasseg.

Eng 25 Prisonéier haten [e Mëttwoch géint 21.30 Auer am Prisong randaléiert](#). De Widerstand war zolidd, wouropshin e puer Patrullen, d'Spezialunitéiten an d'Hondsstaffel vun der Police als Verstärkung geruff goufen.

Sou Meuterieie wieren ëmmer d'Konsequenz vun engem Malaise. Fir d'lescht war dat de Fall virun zwee Joer. Am Zesammenhang mat Kritik um Strofvollzuch. Een Dauerbrenner, bei deem elo d'Angscht virun enger sanitärer Kris kënnt. Wéinst dem Covid-19. Do hunn och missen am Prisong eng Rei Moosname geholl ginn, déi en direkten Impakt op den Alldag hunn.

Elo kënnt d'Situatioun derbäi, dat d'Leit net méi kënne schaffe goen. Se kréie keng Visitten. Do si Pappen, déi hir Kanner zwou bis dräi Wochen net méi gesinn. Déi hir Fraen net méi gesinn. Et si keng Aktivitéite méi. Se kënne kee Sport maachen. De Prisong ass esou scho ganz monoton, sou de fréiere Prisonéier a Member vun der Associatioun "eran, eraus..an elo?".



© Domingos Oliveira (RTL)



© Domingos Oliveira (RTL)



© Domingos Oliveira / RTL

Et misst ee bedenken, datt zu Schraasseg eng 600 Prisonéier op enkem Raum liewen.

"Do géif et eng reell Angscht, fir sech mam Coronavirus unzestiechen." Sief et iwwer de Kontakt mat de Giischtercher, den Educateuren, den Dokteren oder den Untersuchungshäftlingen.

Do ass d'Gefor, wa bis duerch déi Leit eppes erabruecht gëtt, dass et dann am Prisong sech éischtens ganz séier wäert verbreedden, well d'Leit no openee sinn. Zweetens sinn am Prisong schonn éischer vulnerabel Leit, wéi beispillsweis Drogenofhängeger oder deels eeler Leit, sou de fréiere Prisonéier.

D'Associatioun "eran,eraus .. an elo?" stellt Froen: wéi d'Infirmierie am Prisong ekipéiert ass? Ob Händschen, Masken, Desinfektionsmëttel disponibel sinn? Doriwwer eraus gëtt och d'Fro opgeworf: op déi Responsabel Autoritéiten, net wéi am Ausland, d'Zuel u Prisonéier kuerzfristeg reduzéiere kéinten.

Op d'mannst am Moment, sou mann wéi méiglech Leit an de Prisong stiechen. Wa méiglech der doheem loossen. Ech schwätze vun net geféierlechen. D'Sortië musse vereinfacht ginn. Haaptsächlech Leit, déi um Enn vun der Strof sinn. Dir waart elo 6 Joer am Prisong. Sollt an zwee Méint entlooss ginn. Wann déi Leit sech anstänneg beholl hunn, wann hir Prognos gutt ass, wa se net zu Giwenech sinn, da soll een déi Leit elo heem goe loossen, fir dat se Plaz maachen. An drëttens, wat och a Frankräich gemaach gëtt, datt ganz vulnerabel an al Leit Congé judiciaire kréien, sou de Member vun "eran,eraus..an elo?".

"Am Ausland gi sou Moosnamen nëmmen am Fall vun Iwwerpopulatioun a Prisonge geholl." Eng Äntwert aus dem [Justizministère iwwer Communiqué](#) huet net op sech waarde gelooss. An där Situatioun wier een net hei am Land. Dofir wiere keng spezial Reegele geplangt.

Wat d'Hygiène ubelaangt, sou gëtt präziséiert, datt d'Personal mat spezifeschem Material ekipéiert gouf. Vun en Donneschdeg u ginn och Masken am Prisong selwer produzéiert.

Well d'Visitten hu missen op Äis geluecht ginn, soll de Kontakt tëscht de Prisonéier a prioritär der Famill iwwer Telephon, respektiv Videokonferenz erhal bleiwen.

Et géif den Ament och gekuckt ginn, wéi een d'Fräizäitaktivitéite reorganiséiere kéint, sou de Communiqué vum Justizministère weider.

D'Prisonéier, déi e Mëttwoch den Owend fir "den Incident violent" mat héijem Materialschued, wéi et am Communiqué steet, gesuergt hunn, goufe vun der Prisong-Direktioun an eng amenagéiert Eenzelzell gesat, op Basis vun de Gesetzestexter.